CSV FRAKTIOUN

**Här Mars di Bartolomeo**
**President vun der Chamber**

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
13 AVR. 2016
2002

Lëtzebuerg, den 13. Abrëll 2016

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden mir Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister vun der Landwirtschaft an un den Här Schoulminister weiderzeginn.

An der Äntwert op parlamentaresch Fro 1791 vum 9. Februar 2016 iwwer verschaffte Produkter bei Restopolis aus der lëtzebuerger Landwirtschaft, huet den Här Schoulminister präziséiert dass den aktuelle Prozentsaz nach gesteigert kéint ginn. Grënn sinn de Mangel un Verfügbarkeet, Verdeelungsméiglichkeete vun den "klengen" Distributeur' en an ökonomesch Grënn

An deem Kader, wollte mir dem Här Minister vun der Landwirtschaft an dem Här Schoulminister dës Froe stellen:

1. Laut eisen Informatioune gëtt et an all Restaurant scolaire vu Restopolis pro Dag dat selwecht ze iessen. Kann dëst net ee Problem sinn deen de Mangel un Verfügbarkeet erklärt? Ass schonns analyséiert ginn, ob een des Virgab kënnt änneren a wat fir een Afloss dat ob de méiglechen Taux vu regionale Produkter hätt?

2. Et erschéngt normal datt et méi einfach ass alles iwwer ee groussen Distributeur an ze kafen. Ob der anerer Säit ginn et awer verschidde landwirtschaftlech Organisatiounen, déi gäre géife verstäerkt un z.B. Restopolis liwweren. Sinn hei d' Méiglechkeete genau analyséiert ginn, wéi datt dëst eventuell kënnt goen? Wär ee Projet Pilote net eng Méiglechkeet fir dat ze testen ? Sinn d' Ministeren esou enger Iddi vis-à-vis favorabel?

3. Den Här Minister gëtt och ökonomesch Grënn un firwat net méi lokal Produkter an der Restauration Scolaire verschafft ginn. Wat géif et méi kaschten, wann méi regional Wuere géifen akaaft ginn? Vun wou ginn déi Liewensmëttelen akaaft, déi och hei zu Lëtzebuerg produzéiert ginn, déi awer hei net akaaft ginn, well se méi deier sinn ? Wéi eng Liewensmëttele sinn dat? Wéi eng Méiglechkeete ginn et fir dëst zousätzlech ze ënnerstëtzen?

Här President, mir bieden Iech eisen déifste Respekt unzehuelen.

**Martine Hansen** **Marco Schank**

**Députéiert**

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture,
de la Viticulture et de la
Protection des consommateurs

**Réponse commune du Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et de la Protection des consommateurs et du Ministre de l'Education nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse à la question parlementaire no 2002 de l'honorable députée Madame Martine Hansen et de l'honorable député Monsieur Marco Schank.**

---

Zënter Joeren ass Restopolis beméit, e Maximum u lokale Produkter a sengem lessen ze verschaffen. Dofir ass d'Kompositioun vun de Menuen pro Dag an dräi Gruppen opgedeelt, esou datt den Dagesmenu am ganze Land net onbedengt de selwechten ass.

Dës Opdeelung huet sech am Laf vun de Joeren bewäert, an dat esouwuel um Niveau vun der Logistik wéi och vun der Organisatioun an der Akaafspolitik. Deemno ginn all verfügbar lokal Produkter, déi de Qualitéits – a Präisvirgaben vu Restopolis entspriechen, an de Schoulrestauranten verschafft. Wéi all staatlechen Service muss Restopolis sech un d'Bestëmmungen vun de Marchés publics halen.

Restopolis huet schonns e Projet Pilote mat klenge Fournisseuren a lokale Produzenten duerchgefouert. Allerdéngs war dëse Projet net vun Erfolleg gekréint, an dat aus verschiddenen Ursaachen : regelméissegt Liwweren, Qualitéit, Logistik, administrativ Prozeduren, Fakturatioun, ...

Deemno ass et fir d'Restauration collective extrem schwiereg, fir mat ville klenge Fournisseuren a Produzenten zesummen ze schaffen. E Modell, deen op der Zesummenaarbecht mat ville klenge Fournisseuren oder Produzenten baséiert, generéiert Käschten, déi kaum vum aktuelle Schoulrestaurationsbudget kënne gedroen ginn.

Eng Augmentatioun vun de Käschten duerch méi Fournisseuren an de lokalen Akaf vu klengen Quantitéiten iwwerdréit sech fréier oder spéider op de Präis vum lessen, deen de Client bezuele muss. Dofir probéiert Restopolis zënter Joeren, seng Ausgaben duerch eng Centrale d'achat ze drécken, an dat am Interêt vun de Kanner an hiren Elteren, wuelwëssend, datt d'Zuel vun de Kanner, déi op en lessen à tarif réduit ugewise sinn, vu Joer zu Joer an d'Luucht geet.

30 % vun alle Produkter, déi an de Restauranten vu Restopolis verschafft ginn, stamen aus der lëtzebuerger Landwirtschaft, entgéint der Behaaptung, nëmmen 30% vun de Mëllech-, Fleesch a Geméisprodukter kéimen vu lokale Produzenten. Nobäi 100% vun alle Mëllech- a Bäckereiprodukter, déi verkaaft oder am lessen verschafft ginn, gi bei lëtzebuerger Produzenten akaaft.

Bei all sengen ëffentlechen Ausschreiwungen vu Fleeschakeef verlaangt Restopolis, datt 100% vun de Produkter aus der lëtzebuerger Landwirtschaft kommen. Nëmmen an Ausnamefäll, z.B. Rupture de stock oder wou et de Produkt zu Lëtzebuerg net gëtt, däerf de Soumissionnaire op e Produkt aus der Groussregioun zréckgräifen.

Bei Uebst a Geméis ginn d'Produkter aus der lëtzebuerger Landwirtschaft kloer bevirdeelegt. Leider ass et esou, datt d'Joeresproduktioun an d'Varietéit vun Uebst a Geméis zu Lëtzebuerg laang net duer geet, fir déi 13.000 Iessen pro Dag vu Restopolis ze preparéieren. An alle Restauranten a Cafeterien vu Restopolis gëtt Gedrénks vu lëtzebuerger Produzenten verkaaft. Traditionell lëtzebuerger Produkter wéi Moschtert, Esseg oder Hunneg ginn exklusiv bei lëtzebuerger Produzenten kaaft.

Wuelwëssend, datt déi lokal Produkter noweislech bis zu 30% méi deier sinn wéi vergläichbar Produkter aus der Groussregioun, gräift Restopolis awer nëmmen op auslännesch Produkter zréck am Fall wou et de Produkt net zu Lëtzebuerg gëtt oder d'Qualitéit vum Produkt net stëmmt.